N°729
Entrée le 17.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°729 vum 10. Mee 2024 vun der honorabeler Deputéierte Liz Braz.**

1. **War de Problem mat der « zone non aedificandi » net schonn dem viregte Buergermeeschter vun der Stad Esch bekannt ?**

D'Konventioun fir d'Valorisatioun vun dem Lankelz Projet tëscht der Escher Gemeng, ugefouert vun der deemoleger Buergermeeschtesch Vera Spautz,an der Firma Tracol datéiert vum 10. August 2017. De Staat huet de 16. Dezember 2021 mat der Escher Gemeng eng Konventioun ënnerzeechent fir de Sportmusée schlësselfäerdeg a fir e Festpräis nom Bau ofzekafen.

2. **Säit wéini ass dëse Problem mat der « zone non aedificandi » gewosst ?**

D'Problematik „zone non aedificandi" ass am Laf vum Joer 2022 opgetaucht

3. **Ass duerch dëse Problem och elo de Projet vun der Sportarena a Fro gestallt, dee jo vum Sportsministère finanziell ënnerstëtzt gëtt am Kader vum 5. Joresplang?**

D'Sportarena ass och impaktéiert.

4. **Wat fir een Impakt huet dat konkret op de Projet vun der Sportarena, wou jo schon d'Baugeneemegung vum fréieren Escher Buergermeeschter virläit?**

De Bau vun der Sportarena kann net wéi ursprünglech geplangt realiséiert ginn?

5. **Wat fir Ännerungen um initiale Projet sinn elo fir d'Sportshal noutwendeg?**

D'« Zone non aedificandi » muss respektéiert ginn.

6. **Wat fir een Impakt huet dat op d'Participatioun vum Staat a wéi héich ass elo konkret des finanziell Participatioun vum Sportsministère?**

D'Bedeelegung vum Staat bei sou engem Gemengeprojet läit bei 35%.

7. **Laut dem Minister senge rezenten Aussoen, ass elo eng alternativ Plaz fir den nationale Sportsmusée fonnt ginn. Wou ass dat?**

Et gëtt aktuell kee gefestegte Projet.

8. **Wéi ass dëse Prozess verlaf? Sinn do och Standuerter an anere Gemengen a Betruecht gezu ginn?**

Et gëtt e Standuert an der Gemeng Esch gesicht fir dem Wëlle vun de Parteien aus der Konventioun vum 16. Dezember 2021 gerecht ze ginn.

9. **Wien ass Bauhär vun deem neie Konzept?**

Den Bauhär steet nach net fest.

10. **Wien kennt fir déi Fraisen op, déi bis elo an den initiale Projet investéiert gi sinn?**

Falls esou Fraisen ugefall sinn, goufen se vum Promoteur Tracol S.A. engagéiert.

11. **Wéi héich sinn des Fraise Stand haut ?**

De Montant vun dëse Fraise ass net bekannt.

12. **Wann de Staat fir des Fraise sollt opkommen, iwwer wat fir e Budgetsartikel géif dat lafen?**

D'Acquisitioun vum Sportmusée leeft iwwert de Budget vum Finanzministère.

13. **Laut Konventioun tëschent dem Staat an der Gemeng Esch vum 16. Dezember 2021 sollt den initiale Projet vum nationale Sportsmusée ronn 16,5 Mio € (HTVA) kaschten – wéi héich sinn  déi geschate Käschte fir deen neie Projet?**

Et gëtt aktuell kee gefestegte Projet.

14. **Wéini gedenkt de Sportminister, dass den neien nationale Sportsmusée seng Diere kéint opmaachen?**

Et gëtt aktuell keng Visibilitéit op en Datum vun enger Ouverture.

**Lëtzebuerg, de 17. Juni 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo